



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un d'Madamm Inneminister weider ze leeden.

Eisen Informatiounen no gouf et um Virowend vum Nationalfeierdag e gréissere Problem mat den Noutruffnummern 112 an 113. Den Einsatzleitsystem Renita war wuel während Stonnen net operationell. Bedéngt duerch een Update vum Informatiksystem vun der Police wier den 113 net erreechbar gewiescht an all Uriff wieren op den 112 deviéiert ginn. Well et hei zu Iwwerlaaschtunge kouw, sinn anscheinend och Appellen op Funk a Privat-Handye geleet ginn.

Virun dësem Hannergrond géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kënnen d'Ministeren dës Informatiounen bestätegen?
2. Wa jo, war dësen Update geplangt?
3. Wa jo, wéi ass et méiglech datt esou en Update op engem Virowend vum Nationalfeierdag stattfënnt?
4. Wann nee, wat waren d'Ursaache vum Update?
5. Wéi vill Uriff vum 113 goufen op den 112 deviéiert?
6. Waren d'Responsabel vum 112 informéiert iwwer den Update a goufen am Virfeld Precautiounen geholl?

Här President, mir bidden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten

Laurent Mosar
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **02 AOUT 2021**

Objet : Question parlementaire n° 4538 de Messieurs les Députés Marc Lies, Léon Gloden et Laurent Mosar concernant une panne des numéros d'appel urgence « 112 » et « 113 ».

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, an der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°4538 vum 24. Juni 2021 vun den honorabelen Deputéierte Marc Lies, Léon Gloden a Laurent Mosar zum Sujet "Problèmes techniques de la centrale de secours d'urgence"

Fro 1

Mir kënnen d'Informatiounen, esou wéi se an der parlamentarescher Fro vun den honorabelen Deputéierten duergestallt sinn, net bestätegen.

Et muss ee fir d'éischt bemierken, dass et sech beim Einsatzleitsystem (ELS), beim Renita a bei den zwou Noutruffnummern 112 an 113 ëm verschidde Systemer handelt, déi net sollte verwiesselt ginn. D'Kommunikatioun iwver Funk, Handy, Festnetz an ELS gehéiert zu der normaler Asazkommunikatioun vun der Police a vun de Rettungsdéngschter a ka bei aussergewöhnleche Situatiounen komplementar genotzt ginn. Weder de Renita, nach den 112 waren zum betreffenden Zäitpunkt vun den technesche Problemer impaktéiert.

Et ass eng informatesch Pann virgefall, déi Repercussiounen op verschidden IT-Systemer hat, dorënner och d'Noutruffnummer 113 an den ELS.

D'Noutruffnummer 112 hat den 22. Juni kee Problem a war zu all Moment z'erreechen. D'Technik vum CSU 112 war funktionell.

Froen 2 bis 4

Et huet sech beim Virfall net ëm en Update gehandelt, mee ëm eng technesch Pann.

Froen 5 a 6

Et gouf keng Deviatoun vun de Noutriff vum 113 op den 112. D'Bierger hunn aus eegener Initiativ d'Noutruffnummer 112 gewielt, wéi den 113 net z'erreeche war.